N°2145
Entrée le 25.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°1976 hat ech dorobber opmierksam gemaach, dass een Hamster an engem Baumaart dout gemaach ginn ass. Aktuell ass et esou, dass lieweg Déieren a Baumäert nieft Faarfdëppercher, Schrauwen an Dünger verkaf däerfe ginn. D'Regierung huet net kloer gesot, ob si dat an Zukunft wëll verbidden. Weider erkläert déi zoustänneg Ministesch, dass den Artikel 6 (2) 4. vum Gesetz eng ministeriell Geneemegung fir Geschäfter virgesäit, fir dierfe lieweg Déieren ze verkafen. *"Bei der Prozedur fir d'Geneemegung gëtt och gepréift, wat fir eng Formatiounen d'Personal huet resp. wéi déi intern Formatioun vum Personal an deem Beräich ass."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht no Autorisatioun, déi am Artikel 6 vum Gesetz festgeschriwwen ass, wéi vill ministeriell Geneemegunge goufen an deene leschte 5 Joren ugefrot ?
2. Wéi vill vun dësen Demandë goufen an deene leschte 5 Jore refuséiert?
3. Wéi vill Geneemegunge goufen nodréiglech an deene leschte 5 Joren entzunn?
4. Wat fir eng Kompetenzen mussen déi intern Formatiounen vermëttelen, fir dass d'Ministesch kann d'Geneemegung ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2145 vum Deputéierten Marc Georgen**

1. **Opgeläscht no Autorisatioun, déi am Artikel 6 vum Gesetz festgeschriwwen ass, wéi vill ministeriell Geneemegunge goufen an deene leschte 5 Joren ugefrot ?**

   An deene leschte 5 Joren si follgend Autorisatiounen ausgestallt ginn:

   - Activités de commerce : 49
   - Autorisations d'élevage chats : 30
   - Autorisations d'élevage chiens : 29
   - Établissements de commerce : 8
   - Zoo : 0
   - Pensions : 47
   - Refuge : 1

2. **Wéi vill vun dësen Demandë goufen an deene leschte 5 Jore refuséiert?**

   Vun de recevabelen Demanden, d.h. déi, wou ee kompletten Dossier agereecht gouf, sinn an deem Zäitraum keng refuséiert ginn.

3. **Wéi vill Geneemegunge goufen nodréiglech an deene leschte 5 Joren entzunn?**

   An deene leschte 5 Joren ass keng Geneemegung entzu ginn.

4. **Wat fir eng Kompetenze mussen déi intern Formatioune vermëttelen, fir dass d'Ministesch kann d'Geneemegung ginn?**

   Déi gefrote Kompetenzen hänke vu verschiddenen Facteuren of, virop vun der ugefroten Aktivitéit mee och zum Beispill vun der Déierenaart, a gi vu Fall zu Fall evaluéiert.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN